N°971
Entrée le 05.07.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.07.2024
Chambre des Députés

**Här Claude Wiseler**

**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, de 5. Juli 2024**

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Aus enger vum Educatiounsministère stamender Note d'information vum 16. Mäi 2024 geet ervir, dass eng Refonte vum Programm one2one fir d'Schouljoer 2024/2025 geplangt ass. Aus der Note geet ervir, dass den Educatiounsministère seng Approche zu der Verdeelung vun IPads oder Laptoppen u Schüler aus dem Lycée ze kierzen. Dës Entscheedung gouf, laut dem Ministère, aus finanzielle Grënn getraff.

Den one2one Programm geséit vir, dass am Prinzip all Schüler den op 7e ageschoult gëtt, en IPad oder e Laptop kritt an et un de jeeweilege Lycéeën ze entscheeden ass wéi se déi elektronesch Outile verdeelen. Verschidde Lycéeën hunn d'Strategie vum « one2one Programm » an der Formation professionnelle emgesaat an d'Notzung vun engem IPad oder Laptop ass Deel vun hirem Programm. Allerdéngs riskéiere grad déi Schüler, déi nach keen IPad haten, an op 4ième an der Formation professionnelle ufänken , elo keen Apparat ze kréien.

An deem Kontext wollt ech follgend Froen un den Här Educatiounsminister stellen:

- De Koalitiounsaccord geséit fir d'Digitalisatioun virun ze dreiwen. Wéi geséit de Minister d'Verhältnis zweschen der Digitalisatioun an der Kierzung vum one2one Programm ?
- Weess de Minister a wéi enge Schoule den Problem besteet, a wéivill Schüler concernéiert sinn ?
- Wéi kann den Educatiounsminister den One2one an de Schoulen déi eng formation professionnelle ubidde garantéieren? Kann de Ministère déi Schüler déi réischt méi spéit an enger Schoul ufänken an nach keen Outil hunn an Zukunft an hirer Berechnung mat abegräifen ?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Jeff Boonen

Députéiert



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 971 vum honorabelen Deputéierte Jeff Boonen**

Ech kann dem honorabelen Deputéierte confirméieren, datt dem Educatiounsministère seng Ustrengungen am Beräich vun der Digitalisatioun am Enseignement net wäerte noloossen. Dëst bedeit awer net, datt et net zu kontinuéierlechen Ajustementer a Verbesserungen wat d' Qualitéit a punkto Asaz a Notzung vun digitalen Outilen an de Schoule betrëfft, kënnt.

D'Zil vum Educatiounsministère ass et de Schüler aus dem Enseignement secondaire den Zougang zu engem digitalen Apparat ze ginn falls den Lycée dat am Kader vun engem didakteschen Projet fir sënnvoll hält.

Fir kënnen anzeschätzen wéivill Apparater all Joer musse akaf ginn fir dësem Zil gerecht ze ginn, gëtt als Ordre de grandeur d'Schülerzuel vun 7e geholl. De Chiffer vun de Schüler op enger 7e ass also als een Indicateur ze gesinn, wéivill Geräter all Joer mussen bestallt ginn. Dëst bedeit awer net, datt dës Geräter automatesch de 7e-Schüler zur Verfügung gestallt ginn. D'Schoulen kënnen jee no didakteschen Projet, dës Geräter an aneren Klassen asetzen. Fir Schoulen, déi keng 7e hunn, gëtt de Besoin beim didakteschen Projet separat bestëmmt.

Deemno wäerte genuch Apparater disponibel sinn fir och d'Schüler aus der Formation professionelle fir déi d'Benotze vun enger Tablett Sënn mécht.

Fir d'Schouljoer 2024/2025 stinn 8.500 iPads zur Verfügung. Aktuell leeft d'Distributiounsphase an déi eenzel Lycéeen.

Lëtzebuerg, den 8. Oktober 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH